
03.09.2018

World Scout Jamboree 2019 North America - Luxembourg Contingent Newsletter 3

Léif Guiden a Scouten,

Laang hutt dir missten ob des Newsletter waarden an hei ass se endlech mat gudden Nouvellen. Wéi dir wësst gouf de Lëtzebuurger Contingent vun den Amerikaner reduzéiert a mir hunn déi lescht Zäit intensiv dru geschafft awer nach weider Plazen ze kréien fir sou vill wéi méiglech Participant'en mathuelen ze kënnen. D'Drubleiwen huet sech gelount an mir kënnen déi Meescht vun der Waardelëscht mat op den Jamboree 2019 huelen (déi betreffen Leit kruten dat och schonn esou kommunizéiert). Vlächicht packen mir et och nach déi lescht matzehuelen : also weider Daumen drécken !

Dir wäert vun elo un regelméisseg mat Newsletter gefiddert ginn a mir wëllen mat dëser 2. offizieller Newsletter dovun profitéieren e puer wichteg organisatoresch Punkten ze klären :

1. Bezuelen

Dir (resp. äre Grupp) krut alleguer eng Rechnung geschéckt. Mir hunn den Delai op den 15.09.2018 (mat Méiglechkeet an 2 Tranchen bis den 15.10.18 ze bezuelen) verréckelt. Kuckt w.e.g. trotzdeem den 2. Acompte esou séier wéi méiglech ze iwwerweisen. Den Datum a Montant waren jo schonn laang bekannt an dierften keng Iwwerraschung sinn.

SCOUTING IN LUXEMBOURG

2. Norees

Mir hunn nach ëmmer geplangt op eiser Norees (+/- 1 Woch nom Jamboree) eng Visitt vun Washington – Philadelphia – New York ze maachen. Fir de genauen Programm a Präis mussen mir wëssen wien alles matgeet. **Jiddereen huet nach d'Méiglechkeet sech fir d'Norees unzemellen.** Detailler iwwert d'Umeldung stinn um Enn vun dëser Newsletter.

3. Transport

Fir den Transport ze plangen brauchen mir natierlech och nees Zuelen. Mir bidden am Package un :

Optioun 1 : Aller – Retour Jamboree

Optioun 2 : Aller – Retour Jamboree + Norees

Optioun 3 : Eegenen Transport am Fall wou dir net mat eis zesummen vu Lëtzebuerg aus op den Jamboree gitt resp. net mat eis zesummen zeréck op Lëtzebuerg kommt. Optioun 3 ass nëmme méiglech an Ofstëmmung mam Lëtzebuurger Contingent. Och hei mellet dir iech w.e.g. online un. Detailler iwwert d'Umeldung stinn um Enn vun dëser Newsletter.

4. Chef – Leader

Wéi dir wësst besteet all Unit aus 36 Participants a 4 Leader. Lo wou eisen Contingent vergréissert ginn ass feelen eis leider nach Chef. Falls dir interesséiert sidd oder ee kënnt mellet iech w.e.g. esou séier wéi méiglech bei eis :

wsj2019@sil.lu

Opgepasst : Als Chef kann een sech umelle wann een um vum Camp mindestens 21 Joer huet. Stéichdatum : **21.Juli 1998**

SCOUTING IN LUXEMBOURG

Präis :

Wat ?	Wéini ?	Montant ?
1. Acompte	01.03.2018	500€
2. Acompte	15.09.2018	1.450,- €
Reschtbetrag	01.02.2019	1.000,- €
(Norees)	(2019)	(1.000,- €)

Umeldung verwalten :

Iwwert dëse Link schéckt dir eis w.e.g. all är Donnéeë bis spëtstens den **15.09.2018** eran :

<https://wsj2019.sil.lu/personal-data/>

Är perséinlech Donnéeën ginn nëmmen vun enger begrenzter Zuel Leit gesinn an si ginn mat der néideger Diskretioun behandelt.

Hei wielt dir och op dir mat op d’Norees gitt a wéi eng Optioun dir fir den Transport wielt.

Méi Informatiounen iwwert de Lëtzebuurger Contingent (Team a Kontaktdaten) an den Jamboree 2019 fannt dir ënnert :

<https://wsj2019.sil.lu>

Notéiert iech w.e.g. den Datum vum obligatoresche Preparatiouns-WE fir de ganze Lëtzebuurger Contingent. Dësen ass vum 27.-28.04.2019.

Bei weideren Froen, zéckt net eis ze kontaktéieren ënnert :

wsj2019@sil.lu

Mat de beschten Guiden- a Scoutsgréiss,
Fir de Lëtzebuurger Contingent,
Rouven a Guy